

Walter G. Pfaus

De 75.ten Gebuurtsdag

Eng lëschtég Theaterkomédie an dräi Akten
iwersaat an adaptéiert vum ROGER PEFFER

E 471

Bestimmungen über das Aufführungsrecht des Stückes

De 75.ten Gebuurtsdag (E 471)

Das Recht zur einmaligen Aufführung dieses Stückes wird durch den Kauf der vom Verlag vorgeschriebenen Bücher und Zahlung einer Gebühr erworben. Für jede Wiederholung bzw. weitere Aufführung des Stückes muss eine vom Verlag festgesetzte Gebühr vor der Aufführung an den Deutschen Theaterverlag, Pf 20 02 63, 69459 Weinheim/Bergstraße gezahlt werden, der dann die Aufführungsgenehmigung erteilt. Die Gebühr beträgt 10 % der Gesamteinnahmen bei einer im Verlag zu erfragenden Mindestgebühr.

Diese Bestimmungen gelten auch für Wohltätigkeitsveranstaltungen und Aufführungen in geschlossenen Kreisen ohne Einnahmen.

Unerlaubte Aufführungen, unerlaubtes Abschreiben, Vervielfältigen oder Verleihen der Rollen müssen als Verstoß gegen das Urheberrecht verfolgt werden.

Den Bühnen gegenüber als Handschrift gedruckt.

Alle Rechte, auch die der Übersetzung, Verfilmung, Rundfunk- und Fernsehübertragung, sind vorbehalten.

Das Recht zur Aufführung erteilt ausschließlich der Deutsche Theaterverlag, Postfach 20 02 63, D- 69459 Weinheim/Bergstraße.

Für die einmalige Aufführung dieses Stückes ist der Kauf von 9 Textbüchern und die Zahlung einer Gebühr vorgeschrieben. Zusätzliche Textbücher können zum Katalogpreis nachbezogen werden.

De 75.ten Gebuurtsdag

Eng lëschtég Theaterkomédie an dräi Akten
vum Walter G. Pfaus
iwersaat an adaptéiert vum Roger Peffer
mat der Erlaabnes vum "Deutscher Theaterverlag "

Persounen:

Jang BIGELMEYER	- den Haushär ca. 45 Joer
Marie BIGELMEYER	- séng Fra ca. 45 Joer
Brigitte	- hirt Meedchen
Bomi	- dem Jang séng Mamm ca. 75 Joer
Bopi	- dem Jang säi Papp ca. 77 Joer
Rousi Schrobildjen	- d'Nopësch ca. 40 Joer
Buurgemeeschter	- soll ca. 40 Joer hun.
Paschtouer	- soll zimlech jonk sin.

Spiller:

4 Fraen , 4 Männer.

Spilldauer:

Ca. 120 Minuten

Zesummefaassung:

Am Haus Bigelmeyer soll de 75.ten Gebuurtsdag vun der Bomi gefeiert gin. D'Marie, hir Schnauer, huet alles organiséiert. Hat wëll dass et ee schéint Fest gët, an dat net ouni Hannergedanken. Hat wëll d'Bomi an de Bopi an d'Altersheem stiechen, an dat soll haut mat der Famill besprach gin. D'Marie huet sech dat alles esou liicht virgestallt. Mee da kënnt et ganz anëscht. Jidfereen huet séng eegen Viirstellung, wéi dëst Fest gefeiert soll gin, a besonnësch d'Gebuurtsdagskand. Dës schwätzt net mat hirem Mann, an dee jonke Paschtouer wëll si och net gesin. De Bopi huet nëmmen Ieselsechkeeten am Kapp, well et him net passt, datt hien net am Mëttelpunkt steet. De Jang bedrénkt sech. De Paschtouer versicht säi Besch, mee hie kennt d'Bomi net. De Buurgemeeschter huet eng Gebuurtsdagsried virbereet, mee hien kënnt just dozou emol ee Witz ze erzielen. An zum Schluss huet d'Bomi an de Bopi nach eng déck Iwwerraschung prett.

D'Bühn:

Een Ieszëmmer. Groussen Dësch mat aacht Still. Ee Schaaf mat Geschiir. De Recht esou wéi et iech gefäellt. Hannen as den Ausgang, riets as d'Kichen , a lénks déi aaner Zëmmer.

1.ten Akt:

(De Rido geet op , de Jang sëtzt beim Dësch a liest d'Zeitung, d'Marie deckt den Kaffisdësch)

- Marie:-** *(leet ee grousst wäisst Dëschduch op den Dësch, stéisst dem Jang säin Ielebou vum Dësch, dass hien bal vum Stull fäellt.)*
- Jang:-** *(rosen)*
Hee, wat soll dat, ech liesen d'Zeitung, gesäis du dat net ?
- Marie:-** *(schafft roueg weider)*
Dofir hues du elo keng Zäit, géi huel mir léiwer déi véier Broutkief aus der Kichen .
- Jang:-** Firwat brauche mir da véier Broutkief ? Ech duecht d'Leit kéime nëmme Kaffi drenken.
- Marie:-** Ech brauch een fir d'Kaffiskichelcher.
- Jang:-** Fiwat soll ech dann déi véier brengen ?
- Marie:-** Well ech net méi wees, wat fir een Tata Margréit äis geschenkt huet.
- Jang:-** An, dat as dach egal.
- Marie:-** Nee, dat as net egal, du wees dach wéi empfindlëch si as, wann et ëm hir Cadeauen geet.
- Jang:-** *(knoutert, a liest d'Zeitung virun)*
Dat as mir dach egal.
- Marie:-** Jo, jo, dat as dir egal, dir as alles egal.
(geet zu der rietser Dir eraus, kënnt awer gläich mat véier Broutkief erëm) Wann
ech net géif un alles denken..... *(stellt*
d'Broutkief op den Dësch, hëllt d'Telleren aus dem Schaaf, a stellt se
och op den Dësch, a féngt un ze zielen) sechs
..... aacht zéng bass de sëcher, dass se all kommen ?
- Jang:-** Wat ?
- Marie:-** *(wéineg rosen)*
Ech hu gefrot, ob se och alleguerte kommen .
- Jang:-** T'ka sin.
- Marie:-** *(jätzt)*
T'ka sin, t'ka sin, hues du iwerhaapt jidferéngem Bescheet gesot ?
- Jang:-** Wat ?
- Marie:-** *(jätzt nach méi hart)*
Hues du se och alleguerten agelueden ?

Jang:- Joooooooo.....

Marie:- Hues de och un Tata Margréit geduecht ?

Jang:- *(licht generft)*
Jooo

Marie:- Hues du se ugeruf ?

Jang:- Nee.

Marie:- *(verwonnert)*
Hues du hir geschriwen ?

Jang:- Nee.

Marie:- Ma, da so du mir emol wat's de da gemaach hues ?

Jang:- Ech ech hun u si geduecht.

Marie:- Wat ? *(hat kräischt)*
Mäi Gott, kann een dech da guer näischt méi ustellen ? Du solls dach Tata Margréit fir haut alueden.

Jang:- *(knallt rosen d'Zeitung op den Dësch)*
Nu reesch dech dach net gläich esou op, Tata Margréit kënnt och wa se net geruff as.

Marie:- *(kräischt nach ëmmer)*
Bass du dir do ganz sëcher ?

Jang:- Natiirlech sin ech mir sëcher, si huet menger Mamm hire Geburtsdag nach ni vergiess. Firwat soll se dann ausgerechent hire 75.ten vergiessen?

Marie:- Si keent jo eréischt moar kommen, oder iwermoar.
(schwätzt e wéineg méi lues)
An du wees genee, wat mir ons fir haut virgehol hun..... Du wees, wéi wichteg et as, dass all.....

(D'Brigitte kënnt vu lénks eran)

Brigitte:- Mäi Gott, wat as dann elo rëm lass ?

Marie:- *(Fängt un Telleren um Dësch ze verdeelen)*
Däi Papp as erëm onméiglech.

Brigitte:- *(net ganz eescht zum Jang)*
Papa, du bass onméiglech.

- Jang:-** Firwat sin ech onméiglech, ech hun dénger Mamm dach nëmme gesot, dass ech un Tata Margréit geduecht hun.
- Brigitte:-** *(virworfsvoll zum Marie)*
Wees de Mama, dorun as awer wirklech näischt Schlëmmes. Et as dach schéin, wann hien un Tata Margréit déinkt, wéinechts een. Ech denken d'anz Joer net un si.
- Marie:-** *(rosen)*
Hien hät awer net nëmme un si déinke sollen, mee hien hätt si sollen, fir haut heihinner alueden.
- Brigitte:-** Firwat ? Déi kënnt och esou.
- Jang:-** Méng Wierder. *(steet op a seet et nach eng Kéier)*
Méng Wierder.
- Marie:-** A wann se haut just net kënnt, wat maache mir dann ?
- Brigitte:-** *(ganz drëschen)*
Da gi mir op hirt Begriefnës.
- Marie:-** *(entsaat)*
Brigitte, wann ech glift, wat rieds du dann do nees fir ee Kabes, dofir hun ech guer kee Versteechstemëch.
- Jang:-** Si wollt jo just soen, wann Tata Margréit net soll kommen, dann as si bestëmmt gestuerwen.
- Brigitte:-** *(setzt sech bei den Dësch)*
Méng Wierder.
(steet op a seet nach eng Kéier)
Méng Wierder.
- Marie:-** *(hieft d'Hand)*
Nu fänk du net och nach dovunner un, et reecht schon, wann de Bopa mir domat op d'Nerve geet.
- Brigitte:-** As et dann esou wichteg, ob Tata Margréit dann elo kënnt oder net ?
- Marie:-** Jo, well mir eppes mat hir ze besprieche hun.
- Brigitte:-** *(erstaunt)*
Wat hu dir dann esou Wichteges mat der Tata Margréit ze besprieche
- Marie:-** Dat geet dech näischt un .
- Brigitte:-** Lauschter emol Mamm, ech sin zweeanzwanzeg Joer aal. Wann Tata Margréit ee Kand kritt, kënn dir mir dat roueg soen, an tëschenzäit wees ech och wou d'Kanner hirkommen.

- Jang:-** *(laacht)*
Tata Margréit an ee Kand, hahahaha..... dass ech net laachen. Wéi soll déi zu engem Kand kommen? D'Geschicht, wou den hellege Geescht soll iwer d'Marechen komm sin, widerhëllt sech net méi.
- Marie:-** Jang, wann ech glift, dach net virum Kand.
- Brigitte:-** Mamm,..... ech sin opgeklärt.
- Jang:-** Wat ?..... Wien huet dech opgeklärt ?
- Brigitte:-** *(laacht)*
Jo du net Papp, ech erënnere mech nach mat Schreck un deng Storchestory.
- Jang:-** *(gehäit sech an d'Broscht)*
So, lauschter emol, ech sin e gudden Opklärer.
- Brigitte:-** Da so mir emol, firwat dass Tata Margréit kee Kand kréie soll, mat wat wëll si dat da verhënneren ?
- Jang:-** *(hien grinst)*
Si huet dat beschte Mëttel dat et gëtsi seet ... neen.
- Brigitte:-** Apropos Verhiddung
(betount provezéierend)
Ech mengen, ech keent mir och emol eng Këscht Pëlle kaafen.
- Marie:-** *(entsaat)*
Eng wat ?
- Brigitte:-** *(lesseg)*
Eng Këscht Pëllen.
- Marie:-** *(wéi virdrun)*
Eng Këscht.....
- Brigitte:-** Natiirlech an der Këscht, ech wëll se jo net heem rullen.
- Marie:-** Jang, wat sees du dozou, dajee, so och mol eppes.
- Jang:-** *(net ganz eescht zum Brigitte)*
Ech mengen, fir d'Eischt soll ech dir emol soen, dass déi Pëllen net esou grouss sin, dass een se heem rulle kann.
- Marie:-** *(entsaat)*
As dat alles, was du dozou ze soen hues ?

- Jang:-** Si as dach erwuessen, sou wéi si äis un Hand vun hirem Alter erklärt huet.
- Marie:-** (*jéimert*)
Em Gottes Wëllen, wat hun ech nëmme verbrach, dass ech esou mat menger Famill bestroft sin ? Ech därf net drun denken, wat passéiert wär, wann den Här Paschtouer dat héieren hätt.....
- Brigitte:-** Souvill ech wees, denkt hien ganz logesch iwer e sou Saachen no, ... et kann net schouden, wann et och Leit an der Kiirch gin, déi anescht denken.
(*kämpferesch*)
Et geet net duer, fir an Afrika ze fléien a géint alles as, dat verhënnert, dass Kanner op d'Welt kommen, an da séileroueg nozekucken, wéi se zu dausenden all Dag un Hunger stiewen.
- Marie:-** (*energësch*)
Schluss elo, ech wëll keen Toun méi iwer dat Thema héieren, ... dofir bass du nach vill ze jonk.
- Brigitte:-** Awer fir ze schaffen , do sin ech net ze jonk.
- Marie:-** Apropos Arbecht, mir sollten dach zesummen den Dësch décken, ... géi emol an d'Kichen a kuck nom Kaffi.
- Brigitte:-** (*mault erëm*)
Jo, jo, ... esou gët een deene Leit lass, déi engem lästeg sin.
- Marie:-** Schwätz dach kee Kabes, du hues selwer gesot, dass du äis géifs hëllefen.
- Brigitte:-** Awer nëmme, well et der Bomi hire Gebuurtsdag as, mee op kee Fall wéinst onser verkrëppelter Famill.
- Jang:-** Wéi rieds du eigentlech vun dengem Tataen a Monnien ?
- Brigitte:-** Dir wësst genau, dass ech kee vun deene kann ausstoen.
- Marie:-** Awer hir Souen, déi si gutt genuch, wann si dir emol eppes gin.
- Brigitte:-** D'Geld huet nach ni gestonk. (*hat geet riets eraus*)
- Marie:-** (*virworfsvoll zum Jang*)
Deng Duechter.
- Jang:-** (*grinst*)
Dat wëll ech awer och staark hoffen, an ausserdeem geséis du hoffentlech elo an, dass mir hir fir d'aller Eischt sollte soen, wat mir mat der Bomi an de Bopa virhun.

- Marie:-** Bass du geckeg, vill dech emol, hat as jo awer nach ee Kand.
- Jang:-** (*ganz drëschen*)
Ee Kand, dat d’Pëllen vun der Apdikt bis Heem rullt.
- Marie:-** (*entsaat*)
Jang, du solls dech wirklech schummen
- Jang:-** Also gutt, ech schumme mech, bass du elo zefridden ?
- Marie:-** (*jéimert*)
Du zitz awer och alles an d’Lächerlecht
dir as et egal, ob et ëm d’Bomi ,... de Bopa oder äist eegend Kand geet.
- Jang:-** E Kand vun zweeanzwanzeg Joer
- Marie:-** (*ënnerbrecht hien*)
An, och mat zweeanzwanzeg huet hat kéng Ahnong, wat dat fir eng Belaaschtong as, Dag fir Dag , fir eng geckeg aal Fra a fir een gireschen, aalen Fraläitsgeck ze suergen.
- Jang:-** (*heftig*)
Méng Mamm as net geckeg .
- Marie:-** Jo, jo, an däi Papp as kee Fraläitsgeck, ech wees.....
- Jang:-** As en och net. Hien as einfach ee lëschtengen , liewesfroue Mënsch.
- Marie:-** Jo, jo, dat sees du allkéiers, mee du bass net dee ganzen Dag mat hinnen hei zesummen,.... an du brauchst dech och net em si ze këmmen.
- Jang:-** (*schon e wéineg méi lues*)
Mee, esou schlëmm kann et dach och net sin ?
- Marie:-** Ech duecht, mir géiwen net méi doriwer diskutéieren. Mir hun dach deesidéiert de Bop an d’Bom an en Altersheem ze gin. Mir wärten dach elo äisen Entschloss net nach op d’Kopp geheien. Et as ee ganz schéint Altersheem.....
- Jang:-** (*e wéineg rosen*)
D’as gutt, ech wees et jo, du brauchst mir net ëmmer ërem ze soen, wéi schéin dat Heem as.
- Marie:-** Da fänk du och net ëmmer dovunner un.
- Jang:-** Ech hat jo nëmme gesot, dass mer besser hätten , fir d’Eischt d’Brigitte anzeweien.

- Marie:-** Firwat ? Et as ee Kand.
- Jang:-** ah jo, et as ee Kand.....
(*steet op a geet bei de Schaaf, hëllt eng Whiskyfläsch eraus, schëtt ee Glaas hallef voll, an drénkt et hallef eidel.*)
- Marie:-** Drénk net esou vill Jang.
- Jang:-** Ech drénke wann ech wëll.
- Marie:-** Genee esou trotzeg an esou stuer ewéi deen Aalen. Den Apel fällt net wäit vum Baam.
- Jang:-** Wees du wat, du kanns mech emol.
(*geet mat der Fläsch an dem Glaas riets eraus.*)
- Marie:-** (*rifft him no*)
Drénk net esou vill, den Här Paschtouer muss elo gläich kommen, an den Här Buurgemeeschter soll och éischer kommen wéi hie gesot hat.
- Jang:-** (*stecht de Kapp zu der Dir eran*)
Maach der doriwer mol kéng Suergen, ech wärd deenen zwee schon nach eppes iwrech lossen.
(*knuppt Dir zou*)
- Marie:-** (*mëcht weider, wéi wann näischt wär*)
Wuer soll ech den Här Paschtouer da nëmmen hisetzen, hien as nach esou nei hei am Duerf, ech kennen hien nach guer net.
d'Bomi
(*de Bopa kënnt vu lénks, hien huet nach héieren, wat d'Marie gesot huet*)
- Bopa:-** (*jéimert*)
Ooooooh, wat as dat eng elle Welt, wat as dat fir eng Welt ?
- Marie:-** Wat as dann elo erëm geschitt ?
- Bopa:-** (*hëllt sech d'Hand wéi eng Muschel hannert Ouer*)
Wat hues du gesot ? du muss méi haart schwätzen, du wees jo, ech sin där Jénkster kee méi.
- Marie:-** (*méi haart*)
Wat as da geschitt Bopa ?
- Bopa:-** (*ignoréiert d'Fro einfach a weisst op den Dësch*)
Wat gët dann hei gefeiert ?
- Marie:-** Du wees dat dach ganz genee.

- Bopa:-** *(hällt sech nees d'Hand bei d'Ouer)*
 Wat hues du gesot ? Du muss méi haart schwätzen, ech sin
 neemlech schon siewenasiewenzeg, siewenasiewenzeg sin ech
 der schon.
- Marie:-** Jo, jo, wien wees dat net ?
(méi haart)
 Du wees dach genee, dass mir haut der Bomi hiren 75.ten Gebuurtsdag
 feiern.
- Bopa:-** *(jéimert haart)*
 Ooooooh, wat as dat nëmmen fir eng elle Welt ?
- Marie:-** *(mat normaler Stëmm)*
 Awer dat as dach selbstverständlech, dass een dee 75.ten Gebuurtsdag
 vun engem Mënsch feiert.
- Bopa:-** *(jéimert nach méi haart)*
 Ooooooh, wat as dat dach nëmmen fir eng elle Welt, wat as dat
 nëmmen fir eng Welt, .. an där ech net därfer am Mëttelpunkt stoen.
(geet lénks eraus)
- Marie:-** *(kuckt him no a grinst)*
 Natiirlech as et schlëmm, wanns du emol net am Mëttelpunkt bass
Wou war ech ?..... ah jo, beim Här Paschtouer..... mir sëtzen
 den Här Paschtouer niewend d'Jubilarin, esou wéi sech dat
 gehéiert.....
(Brigitte kënnt vu rechts, hat huet héieren wat séng Mamm gesot huet)
- Brigitte:-** D'Bomi niewend de Paschtouer esou ee Blödsinn,..... du wees
 dach, dass d'Bomi dee neie Paschtouer net gär huet.
- Marie:-** Si wärd hien schon nach gär hun, si muss sech halt eréischt un hien
 gewinnen..... Aal Leit brauchen e wéineg méi laang, déi kënnen sech
 net grad esou séier ëmstellen.
- Brigitte:-** Sétz d'Bomi niewend de Buurgemeeschter.
- Marie:-** *(ënnerbrecht hat)*
 Soss näischt ? Dass hien der Bomi nees kann séng knaschteg
 Witzen zielen..... Dat kënnt iwerhaapt net a Fro.
- Brigitte:-** Wann de Paschtouer do as, héllt de Buurgemeeschter sech schons e
 wéineg zrëck.
- Marie:-** Dat gleews du awer nëmmen deem as et egal, op de Paschtouer
 oder de Poopst hei as, wann hien nëmme kann séng dréckeg Witze
 lass gin.

- Brigitte:-** Komm Mamm, esou schlëmm as et och net, mat sénge Witzen.
- Marie:-** Wat hues du eng Ahnong .
- Brigitte:-** Wat hues du eigendlech géint de Buurgemeeschter, an de Paschtouer wärd sech schon ze hëllef wëssen.
- Marie:-** Wat solls du da scho vun deem neie Paschtouer wëssen ?..... guer näischt.
- Brigitte:-** Du wärs laachen, mee ech war dee leschte Sonndeg an der Kiirch, an hu souguer mat him geschwat.
- Marie:-** Du hues mat him geschwat ? Mee dovun hues du mir jo nach guer näischt erzielt.
(*virwëtzeg*)
An, wat huet en gesot ?
- Brigitte:-** (*ganz drëschen*)
Ma, hien huet gesot, d'Elteren sollen net esou vill froen a léiwer selwer an d'Kiirch goen.
- Marie:-** Ried dach keen Onsënn, aléhëpp, wat huet e gesot ?
- Brigitte:-** Mäi Gott, wat soll hie scho gesot hun, hien huet merci gesot, fir séng Aluedong, an dass hie gäre komme géif,..... an esou weider.....
- Marie:-** (*obgereecht*)
So mol, wéi as en ?
- Brigitte:-** Ganz léif. A wann de Buurgemeeschter net grad ee Witz aus deem leschten Tirang erzielt, ech mengen..... da laacht esou guer den Här Paschtouer..... Der Bomi gefällt dat op jiddefall, wann de Buurgemeeschter séng Witzen erzielt.
- Marie:-** Mir awer net. hues du verstaanen ?..... Mir gefällt dat iwerhaupt net, an dovur sëtzt de Buurgemeeschter och net niewend der Bomi.
- Brigitte:-** Also gutt, da setz d'Bomi halt niewend de Paschtouer, du wärs scho gesin, wat's de dovunner hues.
- Marie:-** Dat geet schon, ech si ganz sëcher..... si wärd sech schon mat dem Här Paschtouer verdroen, blouss wien setze mer op déi aaner Säit ?
- Brigitte:-** De Bopa natiirlech.
- Marie:-** Nee, dat geet net..... déi zwéi schwätzen zur Zäit net madeneen. ech wëll net, dass ee vun onse Gäscht eppes mierkt.

- Brigitte:-** Firwat schwätzen déi zwee da net madeneen ?
- Marie:-** Wéi soll ech da wëssen, wat nees geschitt as, du kriss jo kee Wuert vun deenen zwee eraus.....
Ech mengen de Bop as beleidegt, well hien haut net am Mëttelpunkt steet..... op jidefalls setzt de Bopa net nieft der Bomi.
- Brigitte:-** Ma da setz de Monni Franz niewend si, da kënnen déi zwee sech gutt iwert hir Gaalesténg ënnerhaalen.
- Marie:-** Soss nach eppes?..... dann héiert een déi ganzen Zäit näischt aneschters..... nee, nee, dat kënnt guer net a Froo.
- Brigitte:-** Wéi wär et dann mat der Tata Margréit ?
- Marie:-** Déi, ... déi stenkt jo, seet Bomi.
- Brigitte:-** *(hat laacht)*
Ganz onrecht huet d'Bomi do zwar net, ... e bëssen mëffelt se schon.
- Marie:-** Da setze mer der Bomi hir Schwëster Fanni niewt se.
- Brigitte:-** *(entsaat)*
Nëmme net Mamm, déi déck Bratsch leiert dach éiweg nëmme alles erof.
- Marie:-** *(virwuerfsvoll)*
Wéi schwätz du eigendlech vun denger Tata ?
- Brigitte:-** D'as dach wouer, ... andauernd stëcht se géint de Bopa.
- Marie:-** *(erreegt)*
A fir wat mëcht si dat ? ... Well de Bopa hanner all Fraleitsrack hier as., a wat dat, wat am Rack stëcht, méi jonk as, desto verréckter as deen alen Här.
- Brigitte:-** *(hat grinst)*
Sou jonk as äis léif Noopesch awer och ërem net.
- Marie:-** Nun haal awer op, ... si as net emol hallef esou al ewéi d'Bomi.
- Brigitte:-** Si huet der véierzeg.
- Marie:-** An, ... ech sin der zweeavéierzeg, ... mee ech soen dir et éierlech, mär wär et zimlech penibel, wann andauernd esou en alen Eefalt, hannert mir wär.
- Brigitte:-** De Bopa as dach kee Fraleitsgéck.

- Marie:-** Jo, .. jo, dat seet däi Papp och ëmmer, mee , weder du nach hien, musst Dag fir Dag mat him zesumme sin.
- Brigitte:-** Dat huet dat Schrobildjen nach léiwer wéis du méngs.
- Marie:-** (*virworfsvoll*)
So net ëmmer d' Schrobildjen.
- Brigitte:-** Mee, wann se awer esou geruf gët.....
- (*D'Bomi kënnt vu lénks, si as festlech gekleet, mecht awer en sauert Gesiicht*)
- Bomi:-** Ech well net méi am Sällchen sëtze bleiwen, ech well hei sëtzen.
- (*setzt sech op de Kapp vum Dësch*)
- Marie:-** Ma Bomi, mir sin dach nach net mat de Virberedongen fäerdeg.
- Bomi:-** Dat as mir egal, ech bleiwen elo hei.
- Brigitte:-** A firwaat wells du da net am Sällchen waarden ? Do as et dach bestëmmt méi gemittlech.
- Bomi:-** Do läit däi Bopa op der Lauer.
- Brigitte:-** Hu dir eppes madeneen ?
- Bomi:-** (*drëschen*)
Mir hu schon iwer fofzeg Joer eppes madeneen.
- Marie:-** Bomi, wann ech glift, du rieds mat engem Kand.
- Bomi:-** Wéi dann, hautdësdaags kréien d'Meedeche hir uechzeng Joer scho mat fofzeng.
- Brigitte:-** (*zum Marie*)
Gesäis de, ... d'Bomi huet méi Anong wéis du.....
- Marie:-** (*e wéineg granzeg*)
D'Bomi geet elo nees an de Sällchen a waard do, bis mir hei fäerdeg sin. (*wellt d'Bomi héichzéien*)
- Bomi:-** (*strieft sech, as stuer*)
Nee, ech gin net dohin, ... ech bleiwen hei.
- Marie:-** Bomi, nu stell dech dach net esou stuer, et as dach däin Dag, nu los dech dach emol iwveraschen.
- Bomi:-** A mengem Alter kënnen Iwveraschongen déitlech sin, ... besonnech wann se Margréit heeschen.

- Marie:-** Wat hues du géint d'Margréit ?
- Bomi:-** Déi sténkt.
- Marie:-** Dat bilds du dir nëmmen an a sief wann ech glift sou gutt, a so net méi zu hir: Natiirlech kennen ech dech nach, du hues mir déi leschte Kéier scho näischt matbruecht.
- Bomi:-** Da soll se mech net froen: Kenns de mech nach ?
Déi hellt mech waarscheinlech fir eng Mumie. Dobäi as si et déi sténkt.
- Marie:-** Komm elo Bomi, géi niewendrun a waard bis mir dech rufen.
- Bomi:-** (*weist no lénks*)
Da soll hien awer fir d'Eischt do eraus kommen.
- Marie:-** (*jéimert*)
Also gutt, da gin ech eriwer an huelen en eraus.
(*geet lénks eraus*)
- Brigitte:-** So Bomi, firwat sees du ëmmer, Tata Margréit hätt dir schons déi leschte Kéier näischt matbruecht..... Si brengt dir jo awer ëmmer eppes mat.
- Bomi:-** Jo, awer net fir näischt.
- Brigitte:-** (*erstaunt*)
Wéi, ... net fir näischt ?
- Bomi:-** Ech hu mech misste fréen.
- Brigitte:-** Ma dat mecht een dach ëmmer, wann een eppes geschenkt krit.
- Bomi:-** Awer net iwer hir Geschenker, si schenkt mir all Joer ee selwergestreckte Schaal. Ech hun der elo schon iwer zwanzeg, an dobäi droen ech ni ee Schaal .
- Brigitte:-** (*laacht*)
Wat géif's du dir da wënschen ?
- Bomi:-** Ma Suën
- Brigitte:-** Geld, ka si awer net strécken.
- Bomi:-** A wann si et keent, da géif se nach falsch strécken, sou wéi hir Schaaler, zwee lénks, zwee riets an dräi faale geloos.
- (*D'Marie kënnt vu lénks*)

- Marie:-** *(jéimert)*
Hien as genee esou stuer wéis du, hien wëllt net erauskommen.
- Bomi:-** *(drëschen)*
Huel em säi Gëbess eweg, da leeft en der hannendrun.
- Marie:-** Mäi Gott, wat hu dir da nëmmen, firwat muss dir dann op esou engem Dag streiden ?
- Bomi:-** Wien streit dann ? Ech kann dach net mat engem Mënsch streiden, mat deem ech guer net schwätzen.
- Brigitte:-** *(schmunzelt)*
A firwat schwätz du da net mam Bopa ?
- Bomi:-** Well hien net mat mir schwätzt.
- Brigitte:-** Mee firwat schwätzt hien da net mat dir ?
- Bomi:-** Dat muss du hien froen.
- Brigitte:-** *(hëlleft der Bomi vum Stull)*
Dat wärde mir zwee elo maachen. Mir gin elo an de Sällchen eriwer, an da froe mir de Bopa.
- Bomi:-** Kanns du dat net eleng maachen ?
- Brigitte:-** Nee, dat kann ech net eleng, do muss du schon derbäi sin.
- Marie:-** A sief esou gutt, a free dech och. Dat as däi Fest. Du gëss haut fënnefasiwenzeg Joer al. mir maachen dat alles nëmme fir dech.
- Bomi:-** *(si as sauer)*
Ha, ha, ha, ha, ech frée mech jo, gesäit een dat net ?
- (schneit nach eng Grimass a geet mam Brigitte no lénks eraus)*
- Marie:-** *(jéimert)*
Hoffentlech brénge mer dat heite Fest nach gutt iwert Ronnen. Ech därf guer net drun denken, wat dat nees ee Gespréich am Duerf get, wann eraus kënnt, dass déi zwee ausgerechend op esou engem Fest streiden.
- (D'Rousi Schrobildjen kënnt zur hënneschter Dir eran, an där enger Hand ee Bucki Blummen, an där anerer Hand ee Bond. D'Rousi as ganz staark geschminkt.)*

- Rousi:-** *(hat séngt)*
Happy birthday..... *(ënnerbrecht sech selwer a kuckt sech ëm)*
As si net do?
- Marie:-** Nee, si as am Sällchen. D'Brigitte huet se elo grad eragefouert. Ech hun zu hir gesot, dass si am Sällchen soll waarden, well et do méi gemitlech as. *(hëllt dem Rousi de Bond of)*
Ooooh, wat as dat awer ee schéine Bond.
- Rousi:-** Jo, dat as en Härebond, En Härebond kann awer och vun Damen giess gin, hahahaha, dat war ee klénge Witz.
- Marie:-** *(sarkastesch)*
Du mëchs de Géck. *(mecht wéi wann et laache géif)*
Et as wirklech léif, dass du mir hëllef wëlls. Du wees jo, an desem Haus hun ech net vill Hëllef ze erwarden..... Weder de Jang nach äist Brigitte wëlle vun der Hausarbecht eppes wëssen..... An d'Bomi,..... nu jee, si huet jo haut hire Gebuurtsdag.
- Rousi:-** Hues du hinnen et scho gesot ?
- Marie:-** Nee, nach net. Mir wëllen et haut nach mat der Famill besprieche. Vlëcht as awer nach ee bereet, déi zwee bei sech heem ze huelen.
- Rousi:-** Ma ech duecht, doriwer hät der schon emol geschwaat.
- Marie:-** Net richtig, nëmmen esou ugedäit. Deemols huet keen eppes dovunner wësse wëllen. Dem Henri kann een d'Bomi an de Bopa wirklech net uvertrauen. Zënter dass dee gescheed as, lieft hien ewéi ewéi.....
- Rousi:-** Du kanns et roueg soen, hien as gekummert mat engem aneren Framësch.
- Marie:-** *(wénkt of)*
Nu jee, wat soll een do soen, op jidde Fall kënnt deen emol net a Fro..... An d'Margréit seet einfach, hat hät kéng Zäit. Si geet de ganzen Dag schaffen, an hir Fräizäit verbréngt se haaptsächlech an der Kiirch. Den Henri a séng Fra sin och dee ganzen Dag beruflech ënnerwee.....
- Rousi:-** Dat wärs du jo an Zukunft och sin, schliislesch hues du och ee Recht drop, dech selwer ze verwiirlechen.
- Marie:-** Dat hun ech sëcherlech, ee Recht op Eegeverwiirlechung
- (De Bopa kënnt vu lénks. Hien geet laanscht ouni si ze bekucken, an ouni ee Wuert ërem riets eraus.)*
- Rousi:-** Wat as da mat him lass ?

Marie:- En as bestëmmt beleidegt.

Rousi:- Firwat ?

Marie:- Firwat ?..... Well d'Bomi haut 75 Joer kritt, a si am Mëttelpunkt steet, an net hien, du kenns hien dach.

Rousi:- Esou eng Efellegkeet. Hien steet dach oft genuch am Mëttelpunkt. Quasi all Dag.

Marie:- Eben dowéins.

Rousi:- *(vorsichtig)*
Soll ech vläicht emol mat him rieden ?

Marie:- *(granzt hat un)*
Wat wëlls du da mat him rieden ? Mat deem kann ee net rieden.

Rousi:- *(erschreckt)*
Ech hat jo nëmme geduecht.

(De Jang kënnt vu riets a liicht bedronk)

Jang:- Wien huet dem Bop gesot, dass ech mat enger Fläsch an der Kiche setzen ?

Marie:- *(stellt de Bond op den Dësch)*
Wéi soll ech dat da wëssen, d'Brigitte warschäinlech.

Jang:- Elo huet de Bop d'Fläsch. Da bleiwt fir de Buurgemeeschter an de Paschtouer net méi vill iwreg, dat kanns de mer gleewen.

Marie:- De Buurgemeeschter drénkt sou vi sou kee Whisky, deen drénkt léiwer eng kloer Drëpp.

Rousi:- Souvill wéi ech awer héieren hun, drénkt de Paschtouer am léiwsten roud Wäin.

Marie:- *(opgereecht)*
Bass du do och ganz sëcher, hien as eben nach nei.....

Rousi:- Ech wees et vu senger Haushälterin.

Marie:- Nu jee, déi muss et jo wëssen.
(zum Jang)
Jang,.... géi gläich an de Keller erof, an da brings de zwou Fläschchen roud Wäin erop..... awer dee Gudden.

Jang:- Mir hu nëmme gudde Wäin.
(gesäit de Bond)
 Oh hei, dat do as awer ee schéine Bond.

Rousi:- *(hat straalt)*
 Deen hun ech gemaach.

Marie:- *(sarkastesch)*
 Dat as een Härebond, deen awer och vun Damen giess ka gin.

Jang:- D'as net wouer ?

Rousi:- Ech hu mir awer och extra vill Méi gin.

Jang:- *(kuckt d'Rousi un, weisst mat den Hänn eppes ronnes, méngt hirt Gesiicht)*
 Jo,..... dat gesäit een.

Marie:- *(rosen)*
 Jang, wolls du net zwou Fläsche roude Wäin aus dem Keller huelen ?

Jang:- *(zum Marie, kuckt awer nach ëmmer d'Rousi un)*
 Nee, ech wollt dat net, du hues gesot, dass ech goe muss.

Marie:- Ma da maach et endlech.

Jang:- *(geet mat ausgestrécktem Fanger op d'Marie zou)*
 Do fällt mir elo just an, dass ech gëschter fënef Wäinfläischen am Keller gesin hun, wou kommen déi dann hir ?

Marie:- Dat brauchst du mech net ze froen. Du bass dach bei äis fir d'Fläschen zoustänneg.

Jang:- Ech hu nach ni eidel Fläsche kaaft.

Marie:- Dat hun ech jo och net gesot. Nu géi endlech an huel de Wäin. Den Här Paschtouer wärd gläich hei sin.

Jang:- Jo, jo, los en emol kommen.
(geet bis bei déi riets Dir a kënnt nees zreck)
 Do fällt mer nach an, ech hun nach eppes vergiess.
(hëllt d'Rousi an den Arm a kësst hat haart)

Marie:- *(jätzt)*
 Hee, hee, Wat soll dat doen, bass du op emol géckeg gin ?

- Jang:-** *(kuckt hat onschëlleg)*
 Dat war am Obtraag vu mengem Papa.....
 Hien sot:.... Géi hin a kësst d'Rousi, esou wéi ech et gekësst hätt, wann
 ech et gekësst hätt. an heimat hun ech meng Kommissioun
 ausgefouert *(geet op déi riets Dir zou)*
- Marie:-** *(jäitzt)*
 Hues du se net méi all am Kuef ?..... Wéi kanns du nëmme meng
 beschte Frëndin esou erfëieren ?
- Jang:-** Ech hun si net erschréckt, ech hun si gekësst .
(geet riets eraus)
- Rousi:-** *(Déer huet et sichtlech gefall)*
 Los en dach, wann en dach den Opdrag hat ausserdeem
 huet hien mech guer net erfëiert.
- Marie:-** *(kuckt d'Rousi rosen un)*
 Nu so och nach, dat hätt dir gefall ?
- Rousi:-** Ech wees net wat's du wëlls hien as ech mengen, dāi
 Mann as schliislech keen iwle Kārel.....
- Marie:-** *(jäitzt nach méi)*
 Hien huet mech ze kessen, an net dech, mech huet hien schon
 zënter Joeren net méi esou gekësst.
- Rousi:-** Vlāicht hat hie keen OpdragNeen ? ... Net gutt ? Ech hat jo
 nëmme geduecht, wou hien dach nëmmen.....
- Marie:-** Bass du elo heihinner komm, fir mir ze hëllefen oder fir mat mengem
 Mann ze ze knutschen. ?
- Rousi:-** Natiirlech sin ech komm fir dir ze hëllefen, nëmmen dofir.
- Marie:-** Da maach et och.
(zum Publikum a kräischt)
 Ech wees guer net wat dat as, alles as géint mech.
(De Jang kënnt ërem vu riets a geet op d'Rousi zou)
- Jang:-** Et as nodréiglech nach een Opdrag komm.....
*(kësst d'Rousi nach eemol. An deem Abléck betrëtt de Paschtouer vun
 hannen d'Bühn. Hien gesäit, wéi de Jang d'Rousi kësst. Och d'Marie
 gesäit et elo, hat as entsaat.)*
- Jang:-** Sou, dat hu mer elo och erliedegt.
(geet huerteg riets eraus, ouni de Paschtouer gesin ze hun)

Paschtouer:- *(geet mat ausgestréckter Hand op d'Rousi zou. Hien hält d'Rousi fir Fra vum Haus.)*
Meng léif Madam Bigelmeyer, villmols merci fir déi léif
Invitatioun.....

Marie:- *(zum Publikum)*
Dat doen, dat hale meng Nerven einfach net méi aus.

Rido zou.

2.ten Akt

Et sin nëmmen e puer Minuten vergaangen. Op der Bühn huet sech näischt verännert.

Wann de Rido obgeet, as d'Marie, d'Rousi an de Paschtouer op der Bühn. D'Rousi as zefridden, d'Marie as verzweiwelt, an dem Paschtouer as déi ganz Saach zimlech peinlech.

Marie:- Oh Här Paschtouer, wat muss dir eng Meenong vun äis hun ?..... déi éischte Kéier hei am Haus, an da muss der och nach nokucken, wéi mäi Mann eng aner Fra kësst.

Paschtouer:- Mme. Bigelmeyer, huet iech dat net grad esou zu Häerz, et as jo alles meng Schold, normalerweis fällt ee jo och net mat der Viischterdir an d'Haus eran, ech hätt jo och keenten klappen, éier ech era komm sin.

Marie:- Dat huet hien soss nach ni gemaach, dir kënnt mir es roueg gleewen, Här Paschtouer.

Rousi:- Hei, dat kann ech esou guer besteetegen.
(zum Publikum)
Leider, fir d' éischte Kéier.

Marie:- Wat hues du elo gesot ?

Rousi:- (huerteg)
Et war déi éischte Kéier.

Paschtouer:- Ma gesidd der, et war bestëmmt vu Freed iwer dat grousst Fest

Rousi:- Neen , hien war dat ugestallt gin

Marie:- (fällt dem Rousi an d'Wuert)
Hal dach nëmmen op mat dem Blödsinn.

Rousi:- Natiirlech Marie, du hues recht, lauter Blödsinn.

Paschtouer:- Dir därfst dat alles net esou énk gesinn, Mme. Bigelmeyer, ... esou eng kléng Bees an Eieren.....

Marie:- Géif dir esou eppes maachen Här Paschtouer, géif dir dat maachen ?

Paschtouer:- (et as him peinlech)
Ech bieden iech Mme. Bigelmeyer, ech si Paschtouer.

Marie:- (as selwer erfëiert, iwer dat wat hat gesot huet)
Dat war mir elo awer guer net esou geméngt

Paschtouer:- Ma dat as dach net esou schlëmm, losse mer einfach alles vergiessen. Wou as dann äist Gebuurtsdagskand ?

(An dësem Moment kënnt de Bopa vu riets. Hien huet eng Fläsch ënnert dem Arm an ee Glas an der Hand. Et mirkt een, dass hien lëschtég as, summt ee Militärmarsch a klappt mat de Féiss. Hien as net méi ganz sëcher op de Been.)

Bopa:- *(gët dem Rousi eng mat der Hand op den A....)*
Wufftata.
(a geet op déi lénks Dir zou)

Marie:- *(entsaat)*
Bopa, wat erlaabs du dir

Bopa:- *(kënnt bei den Dësch a setzt d'Fläsch an d'Glas drop)*
Wat hues du gesot ? Du muss méi haart schwätzen, wees de, ech sin 77 Joer al.....

Marie:- Ech wees, dass du 77 Joer al bass.

Bopa:- Wat ?

Marie:- *(méi haart)*
Ech wees dass du der 77 hues, mee elo solls du

Bopa:- *(ënnerbrecht d'Marie)*
Firwat jäitz du dann esou ? ech wees jo, dass du wees, dass ech der 77 hun, jidfereen soll dat wëssen wëlls du soss nach eppes vu mir ?

Marie:- Du hues d'Madamm Schrobildjen op den A.... geschloen, an dat virun den Aen vum Här Paschtouer.

Bopa:- *(kuckt rondërem a gesäit de Paschtouer)*
Aaaah, den Här Paschtouer as och schon do, dat as awer schéin, dass dir mech emol besiche kommt.

Paschtouer:- *(gët dem Bopa d'Hand)*
Gudde moien Här Bigelmeyer, dir schéngt jo schons a gudder Stëmmung ze sin.

Bopa:- Ech hun ëmmer gutt Laun.
(sénkt de Kapp a weist op d'Marie)
Mee, dat därf een hei am Haus jo net

Marie:- *(streng)*
Ech fannen dat guer net lëschtég, wann du d'Madamm Schrobildjen op den A.... datsch's.

- Bopa:-** *(kuckt de Paschtouer onschëlleg un)*
Hun ech dat gemaach ?
- Marie:-** Jo, dat hues du gemaach.
- Bopa:-** *(schléit sech mat der lénker op déi riets Hand)*
Léiss du datwuel sin.
(dréit sech schäinhelleg zum Marie)
Elo hun ech er es awer gin, hae .
- Marie:-** *(verzweiwelt)*
Nu rapp dech dach wann ech glift e wéineg zesummen, den Här
Paschtouer as hei
- Bopa:-** *(steet op a verneicht sech kuurz)*
Gudde moien, Här Paschtouer .
(setzt sech nees)
- Marie:-** An d'Bomi huet haut säin 75.ten Gebuurtsdag
- Bopa:-** *(fällt dem Marie an d'Wuert)*
Ech sin der 77.
- Marie:-** *(rosen)*
Jo, dat wësse mer .
- Bopa:-** Nëmmen, fir dass et kloer as.
- Marie:-** Et huet kee Mënsch doruner gezweiwelt.
- Bopa:-** *(steet op a kuckt granzeg ronderem)*
Nëmmen, fir dass keen Irtumm opkënnt, ech sin der 77.....
77 Joer al sin ech. *(setzt sech)*
- Marie:-** Jo, dat as elo jidferéngem kloer, awer d'Bomi huet haut hiren
75.ten
- Bopa:-** Wien as dat ?
- Marie:-** *(fleet de Bopa un)*
Wann ech glift, Bopa, verdroot iech, wéinstens haut.
- Bopa:-** *(haart)*
Wien seet dann, dass mir äis net verdroen ? Mir verdroen äis
ausgezeechend.
- Marie:-** *(opotmend)*
Dann as et jo gutt.
- Bopa:-** Zënter eenafofzeg Joer erdroen ech se .

Paschtouer:- *(gräift an, éier d'Marie eppes soen kann)*
Wou as dan äis Jubilarin ?

Bopa:- Wien ?

Paschtouer:- D'Geburtsdagskand, är Fra, si kritt dach haut 75 Joer

Bopa:- Dat mescht dach näischt.

Marie:- *(mat Nodrock)*
Bopa, ... bass de esou gutt a gees d'Boma sichen ?

Bopa:- *(mecht, wéi wann hien näischt héieren hätt)*
Här Paschtouer, wëll der iech da net e wéineg bei mech setzen ?

Rousi:- Ech gin d'Bomi sichen.

Marie:- Nee, loss nëmme sin, ech maachen dat schon .
(hat geet lénks eraus)

Bopa:- *(straalt iwer d'ganzt Gesiicht)*
An, wéi hun ech dat gemaach ? Elo as de Sauerrampel mol e
wéineg aus dem Zëmmer Rousi, setz dech dach och. Losst ons e
wéineg madeneen schwätzen.

Rousi:- Mat iech sollt ech am Fong guer net rieden.

Bopa:- Dat as gutt, mee maach et kuerz mir hun net vill Zäit Här
Paschtouer, firwat setz dir iech net ? Dir kënnt mech awer och
emol eppes froen.

Paschtouer:- *(et as him peinlech)*
Eigentlech misst ech fir d'Eischt emol dréngend op d'Toilett.

Bopa:- Firwat gi der dann net ?

Paschtouer:- Géif dir mir da soen, wou se as ?

Bopa:- Nee, dat soen ech iech net.

Rousi:- Ma Här Bigelmeyer

Paschtouer:- Här Bigelmeyer, Här Bigelmeyer, dat as awer guer net schéin vun
iech. Wann dir mir net sot, wou hei am Haus d'Toilett as, komm dir
bestëmmt net an den Himmel.

Bopa:- *(ganz drëschen)*
An dir net op de Kabinee.

- Paschtouer:-** *(laacht)*
 Dir sidd mir jo ee ganz Schlëmmen.
(setzt sech nieft de Bopa)
 Abee gutt, losse mer ee kléngt Glieschen zesummen drenken, da lount
 et sech och fir ze goen.
- Bopa:-** *(hieft d'Hand, sou wéi wann hien de Paschtouer géif op d'Schöller klappen, ka sech awer nach zrëckhalen)*
 Dat as ee Wuert. An da gi mir zesummen op dat Heischen mam Häerz
 Rousi, géif's du äis nach ee Glas brengen ? Fir dech och
 eent.
- Rousi:-** Ech bieden iech Här Bigelmeyer, ech drenken dach kee Schnapps.
(geet bei de Schaaf, kënnt mat engem Glas bei den Dësch)
- Bopa:-** Dat as awer falsch, du solls jo och ee mat äis drenken.
- Rousi:-** Léiwer net, soss flippt är Schnauer nach ganz aus .
- Bopa:-** *(zum Paschtouer)*
 Gesi der, dat as Mäi Probleem
(schëtt eraus)
 Prost Här Paschtouer.
(déi zwee drenken, d'Brigitte kënnt vu lénks, hat gesäit si drénken)
- Brigitte:-** *(iwwerrascht)*
 Här Paschtouer, dir drénkt Brantewäin ?
- Paschtouer:-** *(verschléckt sech)*
 Däin däin Grousspapp huet huet mech agelueden.
- Brigitte:-** Dat hät der mer guer net bräichten ze soen, ... dat hät ech och esou
 gewosst.
(gët dem Paschtouer d'Hand a kuckt de Bopa streng un)
 Hues du den Här Paschtouer dozou verfouert ?
- Bopa:-** Wat hues du gesot ? Du muss méi haart schwätzen, ech hun der
 neemlech schon 77.
- Paschtouer:-** *(laacht)*
 Ma neen, mir hun ee klengen Handel gemaacht, ech drénken eng
 Drëpchen mat him, an dofir seet hie mir wou Toilett as.
- Brigitte:-** Oh Bopa, ech mengen, du göss och net méi gutt .
(zum Paschtouer, weist op déi hënnesch Dir)
 Do eraus, éischt Dir riets.
- Paschtouer:-** Merci, mäi Kand .
(geet hannen eraus)
(d'Marie kënnt mat der Bomi vu lénks)

Marie:- Wou as dann den Här Paschtouer ?

Rousi:- En as, wou de Käiser zu Fouss geet, hien huet missen

Marie:- *(entsaat)*
Wat ?

Bopa:- Wat huet si gesot ?

Brigitte:- *(zum Marie)*
Mâi Gott, Mamm, och ee Paschtouer muss emol eng Kéier ...

Marie:- Jo, jo, ... dat wees ech , mee wéi si dat gesot huet ...

Rousi:- Ech gin emol bis an d’Kichen, hei sin ech dach net erwünscht
(geet riets eraus)

Brigitte:- Sou, elo hues du et endlech fäerdeg bruecht, och nach d’Schrobildjen ze beleidegen.
(geet lénks eraus)

Bomi:- *(huet ee grouss Bou ëm de Bop gemaach, setzt sech op deen aneren Eck vum Dësch)*
Wat mecht deen dann do ? *(weist op de Bop)*

Marie:- *(versicht ze vermëttlen)*
Boma, dat as däi Mann, ... bei esou enger grousser Feier gehéier dir dach zesummen.

Bomi:- *(stuer)*
Dat as meng Feier .

(De Bopa summt ee Militärmarsch a klappt mat de Fanger um Dësch)

Marie:- *(roueg)*
Bomi, den Här Paschtouer wärd elo gläich kommen

Bomi:- Wat fir een ?

Marie:- Dee neien natiirlech .

Bomi:- Dee wëll ech net gesin .

Bopa:- *(ënnerbrecht säin Summen)*
Dee wëllt si net gesin .
(summt weider a klappt mat de Féiss)

Bomi:- *(haart zum Bopa)*
Dech wëll ech och net gesin .

- Bopa:-** *(steet op, klemmt sech d'Fläsch ënnert den Arm)*
Da kann ech jo goen .
- Marie:-** *(streng)*
Mee d'Fläsch bleiwt hei .
- Bopa:-** *(geet zur lénker Dir)*
So dat zu der Fläsch.
- Marie:-** *(zur Bomi)*
Boma, so zu him, dass hien déi Fläsch soll heilossen.

*(d'Marie steet elo zwëschend deenen zwee a versicht den Dialog
ëmmer weider ze gin, wat se soll, kënnt awer ni zu Wuert)*
- Bomi:-** So zu him, ech hät gesot, hie soll déi Fläsch heilossen.
- Bopa:-** So zu hir, ech hät gesot, si hät mir näischt ze soen.
- Bomi:-** So zu him, ech hät gesot, hie soll kee Brantewäin drenken, wann hien
en net verdréit.
- Bopa:-** So zu hir, ech hät gesot, dat géif si firleefeg ee fichten Dreck ugoen.
- Bomi:-** So zu him, ech hät gesot, hie soll bei der Däiwel goen.
- Bopa:-** So zu hir, do wär ech scho längst, ech si mat sénger Groussmamm
bestued.
- Bomi:-** So zu him, dofir misst hien Stroof bezuelen.
- Marie:-** *(léisst sech op ee Stull nidder a jéimert)*
Oooh Gott, ech halen dat net méi aus.
- Bopa:-** So zu hir, ech wär scho genuch gestrooft .
(summt säi Lidd a geet lénks eraus)
- Bomi:-** *(zum Marie, wéi wann näischt geschitt wär)*
A wou as dann elo de Paschtouer ?
- Marie:-** Kënn dir zwee net ophalen mat streiden, bis dass de Besuch fort as ? ...
D'muss een sech jo schummen.....
- Bomi:-** *(onschëlleg)*
Wien streit dann hei ?
- Marie:-** Ma du an de Bop.

- Bomi:-** Do muss du awer eppes falsch verstaanen hun, ech streiden net mat him, ech schwätze just net mat him.
- Marie:-** Ma, wéi gesäit dat dann aus ? Wat muss den Här Paschtouer dann awer ee gudden Androk vun iech hun, wann dir bei esou engem Fest, net emol madenee schwätzt.
- (D'Rousi kënnt vu riets)*
- Bomi:-** Ma, wou as en dann, äisen Här Paschtouer ?
- Rousi:-** En huet emol missten.....
(ëmmerbrecht, well d'Marie streng kuckt)
 D'as scho gutt, ech soe jo näischt.....
(zur Bomi)
 Den Här Paschtouer as op der Toilett.
- Bomi:-** Wat dann, ... wat mecht deen dann do ?
- Marie:-** Boma, wann ech glift, sief awer frëndlech mat him, jo hien as nëmmen weens denger komm.
- Bomi:-** Ech hun hien net agelueden, du hues hien invitéiert.
- Marie:-** Well dat sech gehéiert, bei esou engem Fest. De Buurgemeeschter huet sech och ugemeld.
- Bomi:-** De Buurgemeeschter och ?
(straalt)
 Deen därf kommen, ... dee wees ëmmer ee neie Witz.
- Marie:-** Haut wärd hien awer kee Witz erzielen.
- Bomi:-** *(as beleidegt)*
 A wien kënnt da sos nach ?
- Marie:-** Ais ganz Famill natiirlech .
- Bomi:-** D'Margréit och ?
- Marie:-** Natiirlech kënnt dat och .
- Bomi:-** Déi wëll ech net, déi sténkt .
- Marie:-** Oh du, dat as just eng Meenong vun dir .
- Bomi:-** Dës Kéier stelle mir si awer bei d'Fënster, fir d'Avon-Berooderin ofzeschrecken.
- Marie:-** Bomi, wat soll dat ?

- Rousi:-** *(laacht)*
Dat as gutt, dat muss ech weider erzielen
- Marie:-** Ennerstéi dech, an ziele dat weider, et muss en sech jo schummen.
- Bomi:-** Schumm dech fir däi Bruder Henri.
- Marie:-** Firwat soll ech mech da fir mäi Brudder , den Henri schummen ?
- Bomi:-** Ma, hien huet mech des leschters gefrot, wéivill Suen ech op mengem Spuerbuch hun.
- Marie:-** *(spillt et erof)*
Ma Bomi, do as dach wirklech näischt Schlëmmes derbäi, ... hien as halt virwertzeg, dat läit u séngem Beruf. Du wees dach, dass hien Hausmeeschter as.
- Bomi:-** *(drëschen)*
Ah jo, Hausmeeschter an enger Geeschterbunn.
- Rousi:-** *(hält sech d'Hand virun de Mond a laacht)*
- Marie:-** Wat schwätz du do fir een Onsënn, ... den Henri as Hausmeeschter an enger Schoul.

(De Jang kënnt vu riets, hien huet an all Hand eng Fläsch roude Wäin, hien wackelt ferdechteg)
- Bomi:-** Da soll hien net esou vill vun de Geeschter erzielen
(gesäit de Jang)
Hei, wou kënns du dann hir ?
- Jang:-** Oh, geéiert Damen.....
(kuckt sech ëm)
Nëmmen Damen kéng Hären also
- Marie:-** *(rosen)*
Jang, bass du éiren besoff ?
- Jang:-** Daaaaat kann net sin Zocker meng Pëppchen.....
ëhhhhh meng Zockerpëppchen, ech hun just dee kleng
Recht
- Marie:-** Wat fir ee Recht ?
- Jang:-** Vun deem Dengs vun deem Dengen mir as neemlech eng
Fall erofgeflätscht ech mengen, eng Fläsch erofgefall
- Marie:-** Op de Buedem ?

- Jang:-** Nee, net op de Buedem an eng Sch..... Schossel
- Marie:-** Wat fir eng Schossel ?
- Jang:-** Wéi soll ech dat da wëssen ?..... Et war eng brong oder blo oder gréng et as och egal.....
- Marie:-** An elo as se futti ?
- Jang:-** Neen, d'Sch..... Schossel net, mee mee d'Fläsch.
- Marie:-** Nu so och nach, du häss déi ganz Schossel ausgedronk ?
- Jang:-** Nëmmen de Recht nëmmen de Recht .
- Marie:-** *(schléit d'Hänn iwer de Kapp)*
Oh Här, woumat hun ech dat verdengt ?
(rosen zum Jang)
Schumms du dech net, ... dech esou ze besaufen ?
- Bomi:-** Du muss dech net schummen, mäi Jong, mir feiere jo ee Fest.
- Marie:-** Et as jo däi Fest, da brauch hien sech dach net ze bedrenken, mäi Gott, an den Här Paschtouer as schon hei
- Jang:-** Ma, den Här Paschtouer huet dach eppes.
(hieft déi zwou Fläschen héisch)
An de Buurgemeeschter kritt och eppes
- Marie:-** *(hëllt him rosen d'Fläschen of)*
Gëff déi Fläschen heihinner.
- Jang:-** *(hëllt aus dem Schaaf eng Fläsch Brantewäin an ee Glas , setzt et op den Dësch)*
Gesäis de, dat as fir de Buurgemeeschter.
- Marie:-** *(schëtt Mineralwaasser an ee Glas an dreckt dem Jang et an d'Hand)*
Alee hépp, drenk dat hei, fir dass de ërem erniischer gëss.
Den Här Paschtouer as dach schon am Haus.
- Jang:-** *(drenkt ee Schotz a verzitt Gesiicht, rëselt de Kapp, stellt d'Glas of)*
Aäääh , .. Dat as dach schrecklech, da gin ech léiwer an de Keller a lossen nach eng Fläsch faalen.
- Marie:-** Du bleiws elo hei.
(dreckt hien zur lénker Dir)
Du gees elo schnurstracks an d'Buedzëmmer an dusch's dech äiskaal, ... hues de mech verstaanen ?
- Jang:-** Ma ech hu mech dach eréischt virun enger Stonn geduscht